

BILDUNG GEET MÉI WÄIT!

D'Schouljugendaarbecht ass onëmginglech fir eng qualitativ héichwäerteg a ganzheetlech Bildung. **Si fërdert d'Kompetenz- an d'Perséinlechkeetsentwécklung** vun de Jonken am Kontext vum non-formale Léieren.

Si hëlleft deene Jonken, Zougang zu hirem eegene **Potenzial** ze fannen, a si bitt esou eng wäertvoll **Orientéierung** um Wee an en eegestännegt a selbstbestëmmt Erwuesseliewen.

D'Schouljugendaarbechter sinn **no um Alldag vun de Jonken**, verbrénge vill Zäit mat hinnen an der Schoul a genéissen doduerch e **besonnescht Vertrauen**.

Si erkenne **fréizäiteg**, wat déi Jonk brauchen, souwéi och hiert Entwécklungspotenzial a fërderen si ganzheetlech an hirer **Autonomie**.



SERVICE
**SOCIO-
ÉDUCATIF**

D' MISSIONNE VUN DE SCHOULJUGENDAARBECHTER SINN :

- **Bildungsraum erschafen**, déi
déi Jonk fräi no hiren
eegenen **Interessi a Besoine**
gestalten an notze kënnen
- **Villfältig Bildungsaktivitéiten**
innerhalb an ausserhalb
vum Lycée ubidden, déi de Jonken
nei Impulser an Ureegunge fir hir
Entwécklung ginn
- **Jugendkulturen**
an der Schoul fërderen
- **E positiivt Schouklime
ënnerstëtzen**
- Momenter vun **entspaantem an
inspiréierendem Zesummesinn**
am Grupp erméiglechen
- **Bedeelungs- a
Gestaltungsméiglechkeete** fir déi
Jonk an der Schoul schafen



SERVICE
**SOCIO-
ÉDUCATIF**